piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landesplanung & Wirtschaft weiderzeleeden.**

2022 ass zu Suessem de Prisong um Uerschterhaff opgemaach ginn. Aktuell leit de Prisong an enger eideler Zon, mee laut Informatiounen, déi an der Gemeng zirkuléieren, sollen ronderëm den Uerschterhaff weider Infrastrukture gebaut ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Parzellen, déi laanscht d'Rue Uerschterhaff zu Suessem féieren, gehéieren aktuell dem Staat?
2. Leien der Regierung Informatioune vir, dass eng Tankstell op eng vun dëse Parzelle soll gebaut ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés